N°6657
Entrée le 16.08.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 16.08.2022

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Lëtzebuerg, den 12. August 2022

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Wirtschaftsminister weiderzeleeden:

*„An der däitscher Baubranche klammen d'Präisser momentan zimmlech stramm - zemol de Präiss vum Beton a vum Stol.*

*Well eng Rëtsch Opträg dowéinst stornéiert ginn, ass an däser Branche eng Rezessioun ze befäerten. Eenzelner schwätze souguer vun enger Vollbremsung fir déi däitsch Baubranche.*

*Virun deem Hannergrond wollt ech dem Här Wirtschaftsminister folgend Froe stellen:*

- *Wéi huet sech d'Lag an der Baubranche zu Lëtzebuerg an de leschte Wochen a Méint entwéckelt?*
- *Sinn eng Rei potenziell Opträg an Tëschenzäit ofgesot ginn?*
- *Mat Bléck op déi steigend Energiepräisser am Hierscht a Wanter 2022/2023, wat fir Perspektiven an Erwaardunge ginn de Moment ronderëm d'Baubranche entwéckelt?"*

Mat déiwem Respekt,

André BAULER